# Relioun huet eng Privatsaach ze sinn

Cléo Thoma

An Däitschland sinn dëser Deeg eng ganz Serie nei Sachbicher erauskomm, deenen hir Auteure fir eng méi differenzéiert Ausenanersetzung mam Islam plädéieren. Sou Bicher sinn nëtzlech a sënnvoll. Et ass ëmmer gutt, sech sachlech mat engem Thema ze beschäftegen, zemol, wann et sou en delikaten Thema wéi eng Relioun ass, a wann een deen Thema bis dohinner vläicht just als eng diffus Bedrohung erlieft huet. Allerdéngs sollt een och net aus iwweräifreger Toleranz a Respekt virun enger anerer Relioun oder Kultur, alles guttheeschen, wat an hirem Numm gesot a gemaach gëtt:

„Firwat mer virum Islam keng Angscht brauchen ze hunn“: dat wëll den Islamwëssenschaftler Michael Lüders a sengem neie Buch *Allahs langer Schatten* senger Lieserschaft kloermaachen. Hie warnt virun enger, wéi hie schreift, „Dämoniséierung“ vun der Relioun: Islam, Islamismus an Terror dierften net an een Dëppe gehäit ginn. Fir dat z'évitéieren, vermëttelt hien a sengem Buch engersäits Basiswëssen iwwert de Prophet Mohammed an iwwert gewëss historesch Entwécklungen, anerersäits geet en awer och méi heikle Froen op de Fong: An engem Kapitel zum Thema: wat hätten islamesch Fundamentaliste gär, proposéiert hien aktuell Analysen iwwert den Afghanistan, den Irak an El Kaida. Hie kritiséiert, datt, ech zitéieren, „dee politeschen Islam, obschonns en eng Minoritéitsbeweegung duerstellt a mol keng 100 Joer al ass, d'Opfaassung vum Islam am Ganze markéiert“.

Den Theolog Karl-Joseph Kuschel fir säin Deel fuerdert an *Juden – Christen – Muslime, Herkunft und Zukunft* et misst ee sech drop besënnen, datt déi dräi monothéistesch Reliounen, Judentum, Chrëschtentum an Islam gemeinsam Wuerzelen hunn. Als Mann vum Fach analyséiert hien am Detail, déi ënnerschiddlech Quelle vum Alen an Neien Testament a vum Koran. Hie beschreift inhaltlech, formal an historesch Parallelen an exploréiert, wéi e selwer seet, déi ural Texter, fir se matenee schwätzen ze doen a se a Relatioun zoueneen ze setzen. Et sollt een net, ech zitéieren, „abspaltend“ denken, warnt de kathoulesche Wëssenschaftler.

An de Wolfgang Klausnitzer, och Theolog, proposéiert, wéi den Titel vu sengem Buch et verréit: *Jesus und Muhammad: Ihr Leben, ihre Botschaft. Eine Gegenüberstellung.* Och hien huet iwwert Quellen an Originen, déi fir béid Reliounen t'selwecht sinn, recherchéiert, e schreift awer och iwwert ënnerschiddlech Glawensopfaassungen a Mëssverständnesser. Sou wäert- a viruerteelsfräi wéi et fir e chrëschtlechen Theolog ebe méiglech ass, expliżéiert den Auteur déi zwou Reliounen, d'Genèse vun hire jeweilege Schrëften an hir géigesäiteg Bezéiungen.

Datt esou Bicher wéi di dräi, déi ech elo ernimmt hunn, disponibel sinn, ass wuel eng nëtzlech Saach. Et sollt een tatsächlech der Relioun vun enger anerer Communautéit mat Respekt géintiwwertrieden, a wann ee sech ieren dovu bedreet fillt, sech fir d'éischt informéieren, ier ee pauschal veruerteelt. Dovun ofgesi sollt een awer och net zécken, fir säin Désaccord däitlech ze maachen, wann ee mat eenzelnen Handlungen oder Bräich, déi mat enger anerer Kultur oder Relioun zesummenhänken, net averstan ass. An dat bezitt sech natierlech net just op den Islam. Et kann net sinn, datt am Numm vun enger naiver, guttgemengter Toleranz virun enger reliéiser oder kultureller Gemeinschaft, alles acceptéiert gëtt, wat bannent där Communautéit geschitt. Wann eng Relioun esou interpretéiert gëtt, datt an hirem Numm Mënschen – dacks sinn et Fraen – ënnerdréckt, agespaart oder mësshandelt ginn, da muss dat ons all interpelléieren. Et gëtt Méiglechkeeten, fir seng Solidaritéit mat den Affer auszedrécken.

**Datt Ethik an der Schoul soll en Thema sinn, schéngt mer nëtzlech; datt an deem Zesummenhank vu Relioune soll Rieds sinn, mengetwegen: awer da sollen d'Schüler a Schülerinne sachlech a komplett neutral informéiert ginn.**

*D'Cléo Thoma ass Kulturredakterin beim radio 100,7.*

Vun dësen Zesummenhäng ofgesinn, huet Relioun eng Privatsaach ze sinn, all Relioun: dowéinst soll a mengen Aan och all Relioun kucken, datt se mat de Beiträg vun hiren Unhänger an Unhängerinnen iwwert d'Ronne kënnt, a sech net vum Staat matfinanzéiere loossen. Datt Ethik an der Schoul soll en Thema sinn, schéngt mer nëtzlech; datt an deem Zesummenhank vu Relioune soll Rieds sinn, mengetwegen: awer da sollen d'Schüler a Schülerinne sachlech a komplett neutral informéiert ginn, an dat heescht fir mech: kee Wäerteunterricht an enger ëffentlecher Schoul, dee vu Katechete gehale gëtt. Datt Relioun Privatsaach soll bleiwen, bedeit fir mech och, datt all ëffentlech Institutioun vu reliéisen Insignie fräi muss bleiwen: weder Kruzifixer, nach Kappdicher, nach iergendwellech aner Ausdréck vu Glawen hunn hei eppes verluer.

Et ass wuel hëllefräich, fir sech iwwert Reliounen an d'Bräich vun hiren Unhänger an Unhängerinnen au Courant ze halen an differenzéieren ze kënnen, tëscht radikale, gewaltbereete Minoritéiten an deenen, tëscht Gänseféiss, „normale" Leit déi, egal wat hir Glawensrichtung och ass, sech an hire Virstellungen a Liewenszieler wahrscheinlech all staark gläichen. Wéi se am Eenzelnen hire Glawe praktizéieren, dat sinn hirer Saachen, a soulaang kengem doduerch Schued entsteet, soll dat och strikt esou bleiwen.

*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50*

*Kulturchronik vum 25.9.2007*

Attac Luxembourg et le Forum social luxembourgeois invitent à la conférence de Fernand Fehlen de l'Université du Luxembourg :

**Retour sur le résultat du référendum sur le traité constitutionnel : euroscepticisme ou désenchantement social ?**

mardi 9 octobre à 19 heures au Casino syndical à Bonnevoie.

Pour plus d'informations, vous pouvez consulter le site www.luxembourg.attac.org/article.php3?id_article=138

**forum**

Gutschein für die kommenden drei Ausgaben

Name:...........................................................................................

Vorname:.......................................................................................

Adresse:........................................................................................

.....................................................................................................

Tel.:............................................... E-Mail:...............................................

Bitte ausfüllen und einsenden an:
*forum* a.s.b.l.
52, route d'Arlon
L-1140 Luxembourg

Tel.: (+352) 42 44 88
E-Mail: forum@pt.lu